

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4760 zu der Zesummesetzung vum Fuerpark vun der CFL fir de Persounentransport iwwer d'Eisebunn schreift den Här Minister zu der Asazméiglechkeet vun den Zich ënner anerem dat hei: *"Allerdéngs si Kompositiounen vun den Zich duerch d'Längt vun den Quaie begrenzt. Projete sinn am Lafe fir Quaieen ze verlängeren an doduerch méi laang Kompositiounen bei verschidden Zich asetzen ze kennen"*.

Déi selwecht Ausso fënnt sech och am Artikel *"Damit die Eisenbahn erheblich mehr leisten kann"*, deen den 3. Mee an der Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek publizéiert gouf, allerdéngs mat engem wichtege Zousaz: *"Zwar gibt es Ausbaupläne, um alle Haltestellen mit 200 Meter langen Bahnsteigen auszustatten, aber es gibt keine Pläne, sich das nötige Material zu besorgen, um solche Züge auch wirklich zur Regel werden lassen zu können"*.

Weider heescht et an deem genannten Artikel och, datt déi méttlerweil iwwerdimensionéiert Blockofstänn, déi nach aus enger Zäit stamen, wou d'Stolindustrie am Giddertransport nach ganz aner Ufuerderunge virausgesat huet, d'Kapazitéit vun eisebunnsnetz méttlerweil kënschtlech limitéieren.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zu deenen am Artikel thematiséierte Mësstänn elaboréieren?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi d'Zuele vun de Passagéier pro Dag bis sech an de Jore bis 2035 no den aktuelle Prognose wäert entwéckelen?
- 3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert iwwert wéi eng Längt déi eenzel Zuchquaien hei am Land aktuell verfügen, a wéi eng genee Verlängerunge bis 2035 virgesi sinn?
- 4) No den Informatiounen aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4760 soll d'Kapazitéit vun de Sätzplaze bei den CFLs-Zich vun aktuell 26619 bis 2025 op 38713 klammen. Kann den Här Minister an deem Sënn preziséieren, wéi vill Sätzplazen dës Zuelen duerchschnëttlech op de Meter agesaten Zuch entsprechen, wéi héich d'Maximallängt an d'Zuel vun de Sätzplaze pro agesatem Zuch zu Spëtzenzäiten aktuell läit a wéi déi Zuele bis 2025 a falls verfügbar och bis 2030, respektiv 2035 sollen evaluéieren?

- 5) Kann den Här Minister matdeelen, wéi eis Blockofstänn aktuell genee bemooss sinn, wéi vill Zousazkapazitéiten duerch eng Verréngerung potenziell kéinte fräigesat ginn a wéi vill esou eng Moosnam géif kaschten?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten